# Dag vun de Maquisaren zu Schëtter

Den Dag vun de Maquisaren as de leschte Sonndeg zu Schëtter gefeiert gin. Zesumme mat der Veianer Miliz an de Vertrieder vun de Verenegungen aus der „Association des organisations patriotiques" hun sech vill vun denen 81 Maquisaren, déi nach do sin, virun der „Stèle du souvenir" getraff an hun do eng Blummegerbe niddergeluecht. Dono huet den Emile Emmel den Opruf vun dene Lëtzebuerger Maquisaren gemaach, déi um Eierefeld gefall sin. D'„Sonnerie aux morts" as vun der Mënsbecher Harmonie gespillt gin. No der Mass fir all verstuerwe Maquisaren sin all déi, déi dësen Dag matgefeiert hun, op der Gemeng empfange gin.

(gn)

